PROVELO *Info*

Nr. 132 **04/2023**

Inklusive Kreuzworträtsel mit Gewinnspiel!

ProVelo wënscht schéi Feierdeeg!

LUXEMBOURG BY CYCLE 2021

Set de 2 cartes du réseau cyclable 1:50.000

avec légende trilingue (FR, EN, DE)

Disponible dans les librairies et chez ProVelo.lu a.s.b.l.
pour **10 euros** (frais d'envoi non inclus)

www.provelo.lu

Editorial

Bonne Chance an op eng gutt Zesummenaarbescht!

No de Wale vum Oktober steet Mëtt November déi nei Regierungsekipp bis 2028 fest. De Koalitiounsaccord vun CSV-DP „Lëtzebuerg fir d'Zukunft stäerken" hu mir intern, wat d'Pläng fir de Vëlo an d'Mobilitéit ugeet, scho vill diskutéiert.

D'Erausfuerderungen an d'Ziler sou wéi se am PNM 2035 definéiert gi sinn, wäerte wuel och vun der neier Regierung als prioritär ugesi ginn.

Allgemeng sinn eis eng rëtsch Punkten am Dokument als positiv opgefall. Mir begréissen zum Beispill den Ausbau vum ëffentlechen Transport – virun allem well am Accord erkannt gëtt, wéi wichteg d'Mathuele vum Vëlo am Bus oder Tram ass, fir de „Last Mile" ze assuréieren. ProVelo steet voll a ganz hannert der Iddi vun der Multimodalitéit

Wat de Vëlo selwer betrëfft, ass am Dokument vun der Kreatioun vun engem „Réseau contigu de pistes cyclables" riets, dee soll duerch Zesummenaarbecht vu Staat a Gemengen entstoen. Beim Bau vun neie Stroosse soll d'Méiglechkeet vu parallel verlafende Vëlospisten ëmmer mat gepréift ginn. Och begréisse mir, dass am Tourismusberäich de Cyclotourimus weiderhin eng Prioritéit bleift an z.B. d'Signalisatioun souwéi d'Offer vu Locatiounsvëloe soll ausgebaut ginn.

A verschiddene Punkten ass de Mobilitéitsdeel am Koalitiounsaccord allerdings relativ vag gehalen. Sou ginn z.B. kaum konkret Mesuren an Instrumenter virgeschloen fir déi gesaten Ziler ze ereechen.

Och gëtt d'Notzung vum Auto vun der neier Regierung wéineg a Fro gestallt : déi néideg Konstruktioun vun Oofstellparkingen deele sech d'Zeile mam Bau vun ëmmer méi Contournementer. Och skeptesch si mir wat déi erwäänte Sensibiliséirungscampagne zum Code de la Route bei Vëlosfuerer ugeet. Dës betrëfft wuel manner dat vun eis laang verlaangten Iwwerschaffe vu verschiddene Voleten am CdR, déi Vëlosfuerer betreffen. Mir hoffen an deem Sënn, dass dëst net nëmmen eng Aktioun soll sinn, déi dorop ofzielt de Vëlosfuerer „Lektiounen" ze erdeelen. Mir bleiwe gespaant.

ProVelo begréisst déi nei Ministesch vun der Mobilitéit Yuriko Backes an hirem Amt a wënscht hier vill Gléck a Courage beim Ausübe vun dëser wichteger Funktioun fir d' Lëtzebuerger Land. Mir hoffen, dass d'Fërdere vun der aktiver Mobilitéit weiderhin eng Prioritéit vun der neier Regierung bleift.

Rent a Bike
Ardennes
Dikrich
mëllerdall
miselerland

A vélo, découvrez les régions du Luxembourg de manière conviviale!

Pratique, familial, économique, écologique, Rent a Bike est un service de location de bicyclettes pour les petits et les grands.

Mit dem Fahrrad die Regionen Luxemburgs bequem entdecken!

Praktisch, einfach, günstig und umweltschonend ist Rent a Bike ein Fahrradmietservice für Jung und Alt.

Rent a Bike Ardennes
www.visitwiltz.lu
(+352) 95 99 39 50
Rent a Bike Dikrich
www.rentabike.lu
(+352) 26 80 33 76
Rent a Bike Miselerland
www.rentabike-miselerland.lu
(+352) 26 74 63 888
Rent a Bike Mëllerdall
www.rentabike-mellerdall.lu
(+352) 621 47 34 41

Save the date: Assemblée Générale ProVelo, 26.01.2024

Nous avons le plaisir de vous annoncer que notre Assemblée Générale aura lieu le vendredi 26 janvier 2024 à 19h00 au Centre culturel Altrimenti à Luxembourg-ville. Nous sommes impatients de vous présenter nos projets de 2023 ainsi que ceux à venir pour 2024. Après les présentations, comme le veut la tradition, nous aurons l'occasion d'échanger autour d'un verre de vin et d'un plateau de fromage. Une traduction en français et en anglais sera mise à votre disposition.

We are pleased to announce that on Friday, January 26, 2024, our General Assembly will take place at 7 pm at the Centre culturel Altrimenti in Luxembourg City. We are looking forward to this friendly face-to-face event to present our projects from 2023 as well as those for 2024. After the presentations, there will also be an opportunity to exchange views, as is the tradition, over a glass of wine and a cheese platter. A translation into french and english will be provided.

Sommaire / Inhalt

Editorial	3
Ënnerwee um Vel'Ok	6
Screening "Together we cycle"	8
Atelier de réparation	8
Kreuzworträtsel by ProVelo Equipe	9
Bilan "Campagne Eclairage"	11
D'Vëlosinfrastruktur an Holland	12
Vëloscompteuren an der Stad	13
Videospielempfehlung : "Lonely Mountains Downhill"	15
Jugendkonvent 2023	16
PATH open letter for the COP28	17
Luxemburg - Partnerland der Radreisemess Bonn 2024	18
"Christmas Bike Ride" zu Lëtzebuerg	20
Mbox wird zu Bikebox	21
Vëlocity Ghent 2024	21

Rendez-vous / Termine

18.01.2024	Screening "Les échappées" + "Women don't cycle" @ Ciné Utopia
26.01.2024	Assemblée Générale ProVelo.lu, Centre Culturel Altrimenti

Page de garde : ProVelo Christmas Bike Ride , 06.12.23, Ville de Luxembourg

Ënnerwee um Vel'Ok

Sebastien Cayotte hat am 17. Juli seine Fahrradreise von Esch-Alzette nach Istanbul begonnen. Das Besondere an der Tour: er hat diese mit einem „Vel'Ok", also einem Shared Bike der Minette-Region unseres Landes absolviert. Das ProVelo Team hat sich mit Sebastien über seine Erlebnisse auf der Reise und seine Eindrücke zum Vel'Ok Verleihsystem unterhalten.

Während 29 Tagen und über 3000 Kilometer war das Vel'Ok der treue Begleiter Sebastiens. Geriert werden die Fahrräder aus dem Süden Luxemburgs vom "Centre d'Initiative et de Gestion Local", kurz "CIGL Esch". In seinen Antworten lobte Sebastien das Team und die Mechaniker - sie machen laut ihm einen herrvoragenden Job bei der Unterhaltung der Räder.

Aktuell sind die Leihräder im Minett alle mit einem Elektromotor ausgestattet. Sebastiens Rad war jedoch ein älteres Modell ohne Elektroantrieb. Er unterstreicht mehrmals die Qualität der Fahrräder: auf der gesamten Strecke hatte er keine Reifenpanne. Wie alltägliche Nutzer:innen mit den Fahrrädern umgehen, dass sie in den desolaten Zustand kommen in dem sie oftmals sind, versteht er nicht. Auch in Brüssel, wo Sebastien aktuell lebt, ist das gleiche Problem anzutreffen - geteiltes Gut, vor allem wenn es umsonst zur Verfügung gestellt wird, wird leider von vielen nicht respektiert.

Die Reise war nicht nur eine persönliche Challenge für Sebastien, sondern diente auch als Spendenaufruf für einen guten Zweck. Durch das Leihrad wollte er aus der Masse herausstechen und mehr Aufmerksamkeit erwecken. Mithilfe der Spenden wurde eine Schule in Ruanda errichtet, in welcher dieses Jahr im September die ersten Unterrichtsstunden abgehalten wurden.

Eine der grössten Herausforderungen der Radreise war die 3-Gang-Übersetzung des Vel'Ok. Bei längeren und steileren Bergaufpassagen musste er ordentlich in die Pedale treten um voran zu kommen, während er auf flacheren Teilstücken problemlos kontinuierlech pedalieren konnte. Witzigerweise war eine der anspruchsvollsten Etappen der gesamten Reise, neben den Bergen in Bulgarien, der "Keeler Poteau" im Süden Luxemburgs. Mit dem 33 Kilo Fahrrad und 38 kg Gepäck war es nicht so leicht, da hoch zu bekommen.

In den 10 Ländern die Sebastian durchradelte unterschied sich die

Ënnerwee um Vel'Ok

Fahrradinfrastruktur teils stark. Die Fahrradkultur und der respektvolle Umgang mit Fahrradfahrern sei laut ihm etwas, das man nicht erzwingen kann, sondern durch Sensibilisierung an die Leute gebracht werden muss. Obwohl das erste Teilstück von Esch bis an die französische Grenze nur eine kurze Etappe war, wurde Sebastien hier zum Beispiel von mehr Autos angehupt als auf der restlichen Reise zusammen.

Der Sattel eines Vel'Ok sei auch eher für eine 5km lange Strecke augelegt, als für Tagestouren. Dieses habe er abends oft nach mehr als 100 km definitv gespürt.

Obwohl Sebastien mehr als 3000 Kilometer mit dem Vel'Ok gefahren ist bedauert er, dass viele Menschen trotzdem nicht auf das Angebot der Leihräder zurückgreifen würden. An woran das liegen könnte? Sebastien nennt 4 Kriterien, an denen Leute sich seiner Meinung nach bei der Auswahl ihres Transportmittels orientieren würden: Ökonomie, Ökologie, Komfort und Zeit.

Das Fahrrad punktet laut ihm sehr stark bei der Umwelt und dem Geld. Bei einem komplett konstenlosen Angebot wie im Minett, müssten die Menschen sich eigentlich drauf stürzen, aber anscheinend ist dies in Luxemburg nicht der Fall. Der Komfort ins Auto zu steigen scheint anderen Aspekten gegenüber immer noch sehr stark zu sein. Hier sei ein Umdenken in der Gesellschaft erforderlich.

Nicht nur die Quantität sondern auch die Qualität der Fahrradinfrastruktur sei von hoher Bedeutung. Obwohl es in Serbien zum Beispiel ausgeschriebene Fahrradwege gibt, hat Sebastien sich, aufgrund des schlechten Belags, oftmals dazu entschieden auf nationalen Routen zu fahren.

Nicht alle Radwege und Strassen seien laut ihm mit einer "Rue Large" in Esch-sur-Alzette oder ähnlichen zu vergleichben - viele Landstrassen in der Türkei waren für ihn eine grosse Hürde. Obwohl vieles in Luxemburg noch nicht perfekt läuft und noch viel Verbesserungspotential besteht, sind wir seiner Meinung nach anderen Ländern Europas dennoch weit voraus.

Falls Sie mehr von Sebastiens Reise lernen wollen und sein Projekt unterstützen möchten, dann schauen Sie auf Instgram unter @challengingforsmiles vorbei.

Fotos : Sebastien Cayotte

09.11.23 : Screening "Together we Cycle"

On Thursday, October 9th, ProVelo organized a screening of the documentary “Together We Cycle” at Ciné Utopia. Over 80 of our friends and members joined us to watch the film. The documentary, directed by Gertjan Hulster, analyzes the modal shift that occurred in the Netherlands during the 70s and 80s. Hulster aimed to illustrate that the cycling-friendly conditions in the Netherlands didn’t emerge spontaneously but were the result of significant political efforts by various social movements.

We were delighted to have Mr. Hulster and His Excellency, the Dutch Ambassador to Luxembourg, present that evening for a Q&A session. The discussion covered various aspects, including the movie, cycling culture in Luxembourg and the Netherlands, and the political activism that contributed to the cycling-friendly conditions. Overall, the movie and the ensuing discussion gave us hope, showing that political activism for better cycling conditions can have a tangible impact. It inspired us to persist in our efforts.

Ateliers de réparation de ProVelo

En octobre et novembre, ProVelo a de nouveau organisé plusieurs cours et ateliers de réparation en collaboration avec le Lycée technique du Centre. Pendant les sessions, dirigées par Monsieur Francesco Eramo qui est également responsable des formations pour mécanicien de vélo au LTC, les participants ont pu s’entraîner, par exemple, dans le remplacement de pneus et le changement de semelle de frein pour freins à disque.

Le club cycliste de féminin « Les Bergeronnettes » d’Arlon a également suivi un des ateliers. Selon elles, celui-ci s’est déroulé dans une ambiance très amicale, ludique et informative. C’est avec cette approche que Monsieur Eramo explique aux participants de tous les cours les différents étapes à respecter ainsi que le fonctionnement et l’utilité des pièces avec lesquelles on travaille.

Nous remercions l'école ainsi que Monsieur Eramo pour cette collaboration réussie et espérons pouvoir proposer de nouveaux cours de réparation pour débutants et pour avancés en 2024.

Photo des Bergeronnettes lors de l'atelier en Novembre 2023

Wir verlosen 2 Tickets für unseren Filmabend am 18.01.24. Wie mitmachen ? Einfach das Lösungswort an info@provelo.lu schicken. Einsendeschluss : 06.01.24



1. Präsident der ECF (European Cycling Federation)
2. Verteilung des Transportaufkommens
3. Lastenrad (Synonym)
4. Neue Mobilitätsministerin
5. Austragungsort Velocity Konferenz 2024
6. Neuer Name der mBox
7. Europäischer Fahrrad Verband (Abk.)
8. Fernradweg im Ösling Richtung Belgien
9. Shared Bikes im Minett
10. PC2 endet in
11. Europäischer Fernradweg durch Luxemburg (Nr. 5)
12. Hauptpartnerland der Radreisemesse Bonn 2024
13. Fahrradbrücke zwischen Esch und Esch-Belval
14. Voie...
15. Paint is no ...
16. Letzter luxemburger Tour de France Etappensieger
17. Fahrrad für zwei Personen
18. Luxemburger Label für fahrradfreundliche Unterkünfte
19. Vorgänger des Fahrrads (19. Jh.)
20. Lokaler Radrundweg im Osten Luxemburgs

Ride your way
DOWNLOAD THE
VISITLUXEMBOURG APP
FOR FREE
Available on the App Store
GET IT ON Google Play
VISIT LUXEMBOURG
www.visitluxembourg.com
© Oliver Raatz

Bilan de notre "campagne éclairage" du 7 novembre 2023

Mardi, le 7 novembre 2023, ProVelo a de nouveau lancé sa «Campagne éclairage» annuelle au Rond-Point Schuman. Dans le cadre de cette campagne qui a eu son début en 2012 ProVelo a réalisé, au fil des années, presque 1000 contrôles de vélos.

Le but de l'action est de rappeler aux cyclistes les dangers auxquels ils s'exposent sans éclairage approprié, particulièrement lors des saisons automnales et hivernales quand les jours se raccourcissent. En effet, les cyclistes tendent à surestimer leur visibilité par rapport aux autres usagers de la route.

ProVelo tient à rappeler que l'équipement correct du vélo consiste, selon le code de la route, de réflecteurs blancs/jaunes dans les roues et sur les pédales, d'un réflecteur rouge arrière, d'un feu arrière rouge et d'un feu avant blanc/jaune ainsi que d'une sonnette. En outre, le port de gadgets ou vêtements clairs et réfléchissants peut encore améliorer la visibilité des cyclistes. Lors de l'action, les cyclistes pouvaient faire contrôler leur visibilité et l'équipement des lumières de leur vélo par nos bénévoles sur place. Le bilan de la campagne 2023 est le suivant:

- 100 vélos ont été contrôlés
- 62% étaient équipés de façon complète en ce qui concerne l'éclairage prévu par le code de la route – un nouveau record!
- 30% manquaient seulement des réflecteurs
- 3% manquaient des lumières et des réflecteurs
- 5% manquaient des lumières mais avaient des réflecteurs

En total, 175 vélos sont passés au Rond-Point Schuman entre 17h00 et 19h00, dont 65 vélos normaux, 61 Pédélecs, 43 Vel'Ohs et 6 trottinettes. Parmi les Pédélecs, 19 étaient des Cargobikes ou avec transport pour enfants. ProVelo se réjouit du fait que le nombre de vélos correctement équipés selon le code de la route augmente d'année en année –les 62% représentant une augmentation significative du record de l'année dernière (57%). Ceci reflète un «réflexe vélo» de plus en plus adapté parmi les cyclistes au sein de la capitale. Le nombre élevé de Cargobikes démontre également que les choix pour transport d'enfants et d'objets sont en train de changer.

Nous voudrions remercier nos partenaires de la Croix-Rouge qui étaient sur place pour distribuer des gilets réflecteurs dans le cadre de leur action «Sécher duerch all Verkéier», ainsi que «Cycles Arnold Kontz» qui étaient sur place pour effectuer de petites réparations vélos. Un grand Merci également à la Ville de Luxembourg qui nous a mis à disposition du matériel sur place ainsi que des réflecteurs et autres gadgets que nos bénévoles ont distribués aux cyclistes.

Foto : Paul Schieres

D'Vëlosinfrastruktur an Holland - Andréck vum Jos Thill

Eise Member a Benevole Jos Thill huet dëse Summer e Vëlostour duerch Holland an d'Belsch gemaach – seng ganz intressant Impressiounen an Erfarunge wollte mir iech net virenthalen:

Thema Vëlosinfrastrukturen

Enn Juli bis Ufank August hunn ech e Vëlostour Koblenz - Nijmegen (laanscht de Rhäin) an Nijmegen - Léck (laanscht d'Maas / d'Meuse) gemaach. Obschonns ech net fir d'éischt an Holland Vëlo gefuer sinn, war ech awer erëm iwwerrascht wéi d'Vëlosinfrastrukturen an engem entwéckelten a mobilitéits-nohaltege Land ausgesinn a wat fir eng Qualitéit déi hunn (mäi viregten Tour an NL louch schonns eng Dose Joren zréck).

Hei e puer Andréck :

1. D'Bréck zu Nijmegen iwwert de Waal an e Säitenaarm vum Waal (wéi de Rhäin an NL heescht).

Di Bréck ass 1.980 Meter laang, geet am Zentrum vun Nijmegen bei der Gare fort, ass fir Zich, Foussgänger a Vëloen (Trottinetten,asw.) gebaut:

D'Vëlospist besteet aus 2 Banden (eng an all Richtung). All Bande ass breet genuch fir datt an all Richtung 2 Vëloen niewentenee kënne fueren.

Nieft der Vëlospist ass nach eng Bande, grad esou breet wéi d'Velospist, fir d'Foussgänger.

Ganz typesch fir Holland: d'Vëlospisten sinn alleguerte rout (roude Makadamm, rout Zillen, ...) och wa wéi hei d'Foussgängerbande duerch e Bordsteen kloer vun der Vëlospist getrennt ass (oder souguer wa wéi an anere Fäll eng Velospist duerch eng Sträif Gras kloer vun enger Autosstrooss getrennt ass). Et weess een also als Foussgänger direkt - z.B. an enger Stad - datt ee vu roude Fläche soll erof bleiwen, well dat Vëlospiste sinn. Op deene Vëlospisten - wéi bal iwwerall an NL - rullt de Vëlo richteg gutt.

Souguer eng geschottert Vëlospist, wéi dës zu Kranenburg, ass rout.

Dës Bréck iwwer d'Maass zu Katwijk ass net grad esou breet, wéi déi zu Nijmegen, mee ëmmer nach confortabel; hei ass tëschen deenen 2 Pisten och keen Ofsaz, mee d'Faarwen weisen un, wat wou ass.

2. Zum Thema "D'Strooss ass net breet genuch fir eng Velospist" (Mantra-Ausso vun X lëtzebuerger Politiker*innen) ...

... ginn et an NL sougenannte Vëlosstroossen.

Hei e Beispill vu Cuijk, d'Strooss op der Digue laanscht d'Maas:

Zu all Säit eng Vëlospist (rout wéi dat sech an NL gehéiert), zu enger Säit eng Foussgängersträif (déi gëtt et bei Vëlosstroossen net ëmmer) an an der Mëtt eng Bande fir Autoen : déi Bande ass net méi breet wéi di 2 Velospisten zesummen.

Op där Bande an der Mëtt fueren d'Autoen an di zwou Richtungen; si musse sech also kräizen a wäichen dofir op di rout Vëlospisten aus, wa grad keng Cyclisten do fueren oder waarde soss brav hannert de Cyclisten bis d'Bunn an der Mëtt fräi ass.

Inneruerts däerfen d'Autoen op esou Stroossen max. 30 km/h fueren, ausseruerts 50.

Där "Velosstroossen" hunn ech der eng Rei begéint : et sinn op Landstroosse keng Raritéiten.

Fazit : Vëlospisten - jo oder nee - ass keng Fro vu Breet vun enger Strooss, mee eng Fro vu politesche Prioritéiten a politeschem Wëllen !

3. Schlusskommentar

Meng läscht Etapp huet vu Maastricht op Léck geféiert, also +/- 15 km Velospist op hollänneschem a +/- 15 km op wallouneschem Territoire. Et huet e kee Grenzschëld gebraucht fir ze mierken, datt een an engem (velos-)ënnerentwéckelte Land ukomm war, well et war grad wéi zu Lëtzebuerg :

- bei Chantieren (am Zentrum vu Léck gëtt säit méi wéi engem Joer un enger vun den Haaptstroosse geschafft) keng Déviatiounsschëlder fir de Vëloswee (an Holland ginn et op all Stroossechantier 2 Zorten Déviatiounsschelder : eng fir Autoen an anerer fir d'Vëloen);

- Vëlosweeer, déi einfach am Niemandsland ophéieren, z. B. bei 30 Träppleker;

- zimmlech knubbeleg Vëlospisten (Rëss duerch Bamwuerzelen, d'Drëchent, ...) (D'Hollänner hunn net nëmme bal iwwerall Vëlosweeër, mee op deene rullt et sech och nach richteg gutt).

Vläicht wanderen ech awer nach an Holland aus; contrairement zur Wallonie hätt Lëtzebuerg jo Suen fir eng uerdentlech Vëlosinfrastruktur, mee ...

Artikel a Fotoen vum Jos Thill

Vëloscompteuren an der Stad

Wird es uns dieses Jahr erneut gelingen, einen neuen Rekord aufzustellen?

Es schien lange Zeit so, als ob wir in diesem Jahr keine neue Bestmarke erreichen würden. In den ersten vier Monaten des Jahres lagen wir noch relativ gleichauf mit dem Jahr 2022. Das gute Wetter des Vorjahres lockte viele Menschen von April bis Oktober auf ihre Fahrräder. Obwohl wir einen vergleichsweise niederschlagsarmen und warmen Sommer hatten, blieben wir lange Zeit hinter den Zahlen aus dem Jahr 2022 zurück. Trotz der relativ hohen Niederschlagsmengen in den letzten Wochen ist es den Radfahrern nun am 3. Oktober gelungen, die Zahlen des letzten Jahres zu übertreffen. Gespannt darf man nun auf die letzten Wochen des Jahres schauen, in der Hoffnung, dass auch 2023 wieder ein neuer Rekord aufgestellt wird.



Nei Vëlosbréck zu Bréissel fir Ufank 2024

An der Regioun Bréissel geet an den nächste Méint op der Grenz vun de Regioune Flandern a Bréissel eng nei Foussgänger – a Vëlosbréck op. Dat 710 Meter laangt Bauwierk soll fir d'flämesch Regioun déi bis ewell gréisste Bréck vun dëser Zort sinn.

Verbonne ginn hei d'Quartieren Zaventem a Machelen duerch eng considerabel Reduzéirung vun der Gesamtdistanz fir d'aktiv Mobilitéit. D'Tramarrêten, déi un der Bréck uleien, sollen iwwer Trape mat der Bréck verbonne ginn. Op laang Siicht soll des Bréck eng wichteg Liaisoun fir de geplangte Vëloswee vum Bréisseler Ring ginn, an och d'Verbindung tëschent Flughafen an Zentrum garantéieren.

© WERKENAANDERING

Videospielempfehlung : "Lonely Mountains Downhill"

Lust auf ein atmosphärisches Mountainbike Videospiel, um die kalten Wintermonate zu überbrücken ? Dann könnte das Indie Game „Lonely Mountains Downhill“ genau das Richtige für Sie sein.

Grafisch ist das Spiel ein richtiger Hingucker – man hat zwar ganz bewusst, wie bei den meisten Spielen heute üblich, auf Fotorealismus verzichtet. Dafür glänzt aber die minimalistische Optik, die farbigen Umgebungen und das allgemeine Design - atmosphärisch ist das Spiel auf jeden Fall.

Auch der Soundtrack ist sehr minimalistisch gehalten – zusätzlich untermalen Tiergeräusche, Wind und Rascheln von Blättern die Bergabfahrten mit einer passenden Geräuschkulisse.

Natürlich ist bei einem Spiel rund um Bergabfahrten mit Mountainbike das „Feeling“ mit das Wichtigste : man muss sagen, dass es den deutschen Spielentwicklern von Megagon Industries wirklich super gelungen ist, das „Downhill“ Gefühl auf die Steuerung und das Gameplay zu übertragen. Die Physik – Engine simuliert auf beeindruckende Art und Weise geglückte Landungen, waghalsige Manöver und auch Stürze vor.

In mehr als fünf grossen „Open World“ Bergfahrten können eine Vielzahl an Missionen und Challenges abgeschlossen werden und stets neue Abkürzungen / Wege zur Runterfahrt gefunden werden.

Das Ziel, die eigenen Bestzeiten stets neu zu übertreffen, macht einen wichtigen Teil des Spielcharms aus. Vor allem handelt es sich aber bei Lonely Mountains Downhill um ein Spiel, das auch für Zocker mit weniger Zeit für lange Spielsessions intressant sein kann : innerhalb von wenigen Minuten kann ein Level abgeschlossen sein – perfekt für zwischendurch.

Nach Anspielen kann das ProVelo Büro diesen Titel also nur wärmstens der Leserschaft empfehlen!

Das Spiel ist auf PC, Nintendo Switch, Playstation4 und Xbox One erhältlich.

Screenshots des Spiels sind aus dem Trailer des Spiels auf der PC Spielplattform Steam entnommen.

Participatioun vu ProVelo um Jugendkonvent 2023

De 24. November huet an der Chamber den 18. Jugendkonvent stattfonnt. Jonker tëscht 13 an 30 Joer kréien d'Méiglechkeet éischt Ableck an d'Politik hei zu Lëtzebuerg a kënnen och hier eege Meenung zu Wuert bréngen. Verschidden Atelieren, ënner anerem och ee fir d'Mobilitéit stoungen um Programm.

"Wéi eng Mobilitéit fir muer?" war den Titel vum Aarbechtsgrupp wou 20 Jonker iwwer hier Erausfuerderungen am Alldag an hirer Mobilitéit geschafft hunn. ProVelo ass vum Jugendrot gefrot ginn als Mobilitéitsexpert present ze si fir de Jonken hier Froen ze beäntwerten.

Nieft enger besserer Ubannung vum ruralen Norden, verbessert Horairë vun Zich a Busse, déi openeen ofgestëmmt sinn a méi Busarrêten fir viru Reen a Schnéi geschützt ze sinn, stoung och de Vëlo an der Diskussioun am Fokus. Déi Jonk hu sech e séchere Vëloswee fir bis bei déi nächst Zuch- oder Bus-Gare gewënscht, wou sur Place dann och déi richteg Infrastruktur ass fir de Vëlo sécher kënnen do stoen ze loossen.

Dës Demande goufen ausgeschafft vir am Nomëtte virun neien Deputéierten a Regierungsmemberen an der Chamber ze presentéieren an diskutéieren. Ënnert de Politiker:innen war och déi nei Mobilitéitsministesch Yuriko Backes vertrueden. Si huet et begréisst dat sou vill Jonker sech an engem jonken Alter aktiv un der Politik wéilte bedeelegen. Sie huet zudeem dovunner geschwat, dat nei Vëlosweeër an der Planung sinn, déi an Zukunft solle realiséiert ginn. Vëlosweeër eleng ginn, laut dem Yuriko Backes awer net duer. Et brauch nach déi richteg Méiglechkeeten de Vëlo ofzespäre wann een z.B. an d' Bibliothéik oder an de Bistro wéilt goen. Fir weiderhi méi Leit op de Vëlo ze kréie gouf confirméiert dat de Subside beim Kaf vun engem neie Vëlo erhale bleift.

ProVelo hofft dat op eis jonk Matmënsche gelauschtert gëtt an hinnen eng séier an zouverlässeg Mobilitéit fir d'Zukunft, mat multimodale Méiglechkeeten ugebuede gëtt.

PATH open letter for the COP28

The Partnership for Active Travel and Health (PATH), (..) calls on the UNFCCC, governments and negotiators of the COP28 climate conference to give more priority and investment in walking and cycling to significantly accelerate progress on climate goals and improve people's lives.

Enabling more people to walk and cycle safely is crucial to decarbonising transport and achieving the Paris Agreement on Climate Change. Yet active transport still lacks priority in the UNFCCC and wider climate agenda and in commitments in countries' Nationally Determined Contributions (NDCs).

PATH
Partnership for
Active Travel and Health

Although PATH's latest research on national policy frameworks shows growing momentum for walking and cycling, with two thirds of UNFCCC countries having some kind of active travel policy in place, a closer analysis reveals that much more ambition, action and investment is needed almost everywhere to effectively unlock walking and cycling's enormous potential to fast track the reduction of transport emissions, air pollution, traffic congestion and road casualties, and at the same time deliver improved public health, stronger economies and fairer societies.

PATH urges the UNFCCC to place a higher priority on walking and cycling in climate negotiations, and urges UNFCCC countries to develop their national policies and NDCs with a common vision: to encourage and enable people to have safe, accessible, comfortable, and enjoyable walking and cycling experiences (..).

Enabling more people to walk and cycle safely is a quick, affordable and reliable way to help reduce transport emissions by as much as 50% when the following key actions are adopted in national policies and anchored in their NDCs:

- *Infrastructure – to make walking and cycling safe, accessible and easy to do.*
- *Campaigns – to support a shift in people's mobility habits.*
- *Land use planning – to ensure proximity and quality of access to everyday services on foot and by bicycle.*
- *Integration with public transport – to underpin sustainable mobility for longer trips.*
- *Capacity building – to enable the successful delivery of effective walking and cycling strategies that have measurable impact.*

PATH has created the Active Mobility Policy Template to assist governments in developing more effective national walking and cycling policies, reflected in their updated NDCs in advance of the 2025 deadline. Countries are also encouraged to use the template when evaluating their progress in the COP28 global stocktake towards meeting the goals of the Paris Agreement, identifying gaps, strengthening their commitments and taking more decisive action. (...)

Luxemburg - Partnerland der Radreisemess Bonn 2024

Am Sonntag des 7. April ist es wieder so weit - die "Radreisemesse Bonn" in der Rhein-Sieg Halle in Siegburg statt.

In Zusammenarbeit mit Visit Luxembourg wird das Team von ProVelo wie immer Luxemburg als Fahrradland den Besuchern vorstellen und versuchen, sie so gut wie möglich für ihren Radurlaub und den Angeboten für Radtouristen in Luxemburg zu beraten.

Dieses Jahr steht die Ausstellung für Luxemburg in ganz besonderem Licht : das Grossherzogtum ist Hauptpartnerland der Ausstellung.

Gleichzeitig können sich Besucher natürlich über alle Angebote zum Radtourismus in der Grossregion und darüber hinaus informieren. Mehr Informationen zum Event finden Sie auf https://www.radreisemesse.de/.

Foto : https://www.radreisemesse.de/

velosophie.lu

velosophie s. àr. l.
15, rue St Ulric
L-2651 Luxembourg-Grund
info@velosophie.lu

Öffnungszeiten
Mittwoch, Donnerstag, Freitag 13:00 - 18:30
Samstag 11:00 - 17:00
sowie auf Termin tel: +352 26 20 01 32

Wir machen Ihre Radreise zum Genuss
Radtouren | Radwanderkarten | Fahrradtaschen

Sie planen eine Radreise.
Bei uns finden Sie kompetente Beratung und viele interessante selbst ausgearbeitete Gruppenreisen.

Gerne buchen wir Ihnen auch Ihre TraumRadreise aus dem Katalog.

Radkarten, Fahrradtaschen, Fahrradkörbe, wir haben die richtige Auswahl für Ihre Radreise und das Fahrrad im Alltag, in unserem Laden.

MOVIE SCREENING

Les Échappées

France 2022, 70', VOST FR/EN

+

Women don't cycle

Belgique 2022, 47', VOST FR/EN

Thursday, 18 January 2024
19:00 at Ciné Utopia

16, Avenue de la Faïencerie, L-1510 Luxembourg

Entry fee:
8 € prepayment
10 € box office
Reservation:
info@provelo.lu

Organised by
ProVelo.lu a.s.b.l.
6, rue Vauban L-2663 Luxembourg
info@provelo.lu

"Christmas Bike Ride" zu Lëtzebuerg

ProVelo huet de 6. Dezember eng éischt Editioun vum "Christmas Bike Ride" an der Stad lancéiert. Dëse besënnlechen Event existéiert schonn a villen anere Groussstied, an och eis Kolleege vun "Vélorution Esch" organiséieren all Joers ee bei hinnen am Minett.

Zesumme zu ronn 35 Leit si mir fir Kleeserchersdag mat eise Vëloe mat faarwege Luuchten a Chrëschtdags Musek vum Kierchbierg bis op d' Gare op de Chrëschtmaart gefuer. Dës Aktioun sollt engerseits weisen, dass ee selwer an der däischterer Joreszäit mam Vëlo ënnerwee ka sinn, mee och einfach d'Vëloscommunitéit aus der Stad ënner gudder Stëmmung versammelen.

Op alle Fall plange mir an Zukunft méi esou onbefaange Faarten - mir hoffen zum Beispill deen een oder aneren vun iech am d'nächst Joer op engem Fuesboke Ride ze gesinn!

Fotos : Jo Klein, Danièle Mousel

Bikebox mBox wird zur bikebox!

Sichere Fahrradstationen fördern die multimodale Mobilität, insbesondere den reibungslosen Umstieg zwischen Bus, Tram und Zug. Sie verringern auch das Risiko von Diebstahl und Vandalismus.

Derzeit gibt es in Luxemburg 73 Bikebox-Stationen, von denen 63 in unmittelbarer Nähe von CFL-Bahnhöfen aufgestellt sind. Darüber hinaus sind 26 weitere Stationen in Planung, um das Angebot zu erweitern.

Der kostenlose Service ermöglicht es Ihnen, Ihr Fahrrad sicher in unmittelbarer Nähe der öffentlichen Verkehrsmittel abzustellen. Der Zugang zu den Fahrradstationen ist 24 Stunden am Tag (24/7) gewährleistet.

Die Nutzung der Fahrradstationen ist kostenlos. Um Zugang zu erhalten, müssen Sie Ihren persönlichen Schlüssel bestellen. Der Zugangsschlüssel wird Ihnen kostenlos per Post zugesandt.

Bis zum Ablaufdatum können Inhaber einer "mKaart"-Karte mit bereits aktiviertem Zugang zur bikebox (ehemals "mBox") den Dienst weiterhin nutzen.

Weitere Informationen über den Zugang und den Standort der Bikeboxen finden Sie unter bikebox.lu

Text und Grafik von www.bikebox.lu

Save the date : Vëlocity Ghent, 18.-21. June 2024

The Host City for the Velocity Conference 2024 has been announced : From June 18th until 21st 2024, the biggest active mobility and cycling conference in Europe will take place in Ghent, a city known for its strong stance on cycling politics and zones of reduced traffic.

Submitting calls for abstracts as well as buying tickets for the conference can be done via www.velo-city-conference.com

As always, ProVelo will send a delegation to the event - we'd be happy to see you there as well and discuss cycling projects in Luxembourg and on an european level.

Place au vélo!

Le vélo est un moyen de transport flexible, bon marché et durable et constitue donc une réponse moderne aux problèmes de trafic, à la pollution de l'air et aux nuisances sonores. Une mobilité intelligente à laquelle on prend plaisir!

Depuis 1985, ProVelo défend les intérêts des cyclistes et a pour objectif l'amélioration des conditions de sécurité et la promotion du vélo comme moyen de transport, ainsi que la promotion du cyclisme de loisirs. Nous nous engageons pour une cohabitation respectueuse de tous les usagers de la route.

Afin de donner le poids nécessaire à nos revendications, nous avons besoin de votre soutien, que ce soit en tant que membre, par vos cotisations ou par des dons!

Merci pour votre participation.

Platz für das Fahrrad!

Das Fahrrad ist ein flexibles, preiswertes und nachhaltiges Transportmittel und bietet somit eine zukunftsorientierte Alternative zu Verkehrschaos, Luftverschmutzung und Lärmbelästigung. Intelligente Mobilität, die dazu noch Spaß macht!

Seit 1985 vertritt ProVelo die Interessen der Radfahrer mit dem Ziel, die Sicherheit im täglichen Straßenverkehr zu verbessern und somit das Fahrrad als Transportmittel sowie als Freizeitgestaltung zu fördern. Wir engagieren uns für ein gleichberechtigtes und rücksichtsvolles Miteinander aller Verkehrsteilnehmer.

Um unseren Forderungen das nötige Gewicht zu verleihen brauchen wir Ihre Unterstützung, ob als Mitglied, über Beiträge oder Spenden!

Herzlichen Dank, dass Sie dabei sind.

Souhaitez-vous recevoir notre courrier par voie électronique? Alors envoyez-nous votre nom et votre adresse e-mail (info@provelo.lu).

Möchten Sie unsere Post lieber als E-Mail empfangen? Dann schicken Sie uns Ihren Namen und Ihre E-Mail-Adresse (info@provelo.lu).

Impressum

Heft Nr. 132	4/2023 - Dezember 2023
Auflage:	1000 Exemplare
Herausgeber:	ProVelo a.s.b.l., 6 rue Vauban, L-2663 Luxembourg
Telefon:	(+352) 43 90 30 29
Internet:	www.provelo.lu www.facebook.com/ProVelo.lu
E-Mail:	info@provelo.lu
Konto:	CCPLLULL IBAN LU40 1111 0825 6417 0000 BCEELULL IBAN LU52 0019 2555 9405 9000
Fotos:	ProVelo.lu Archiv, Yves Meyer , Tristan Schmurr, Sven Becker, Gust Müller, Luca Colling
Druck:	Printing Ossa, recycliertes Papier

ProVelo.lu
est membre
de la

ECF
EUROPEAN CYCLISTS´ FEDERATION

DÉCOUVREZ LE LUXEMBOURG

Naturellement EN TRAIN

www.cfl.lu | Call Center +352 2489 2489

CFL

Atelier vélo toutes marques

Profitez de nos services et prestations atelier

- Révision et entretien de vélos
- Réparation de vélos
- Montage de vélos à la carte
- Enlèvement et livraison de vélos